LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°8079 vum 7.Juni 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här André Bauler iwwert "Conséquences de l'inflation"**

**1.A wat fir engem Mooss féiert d'Hausse vun de Produkter vu Biowueren zu enger Reduzéierung vun der Consommatioun? Gëtt et do schonn éischt statistesch Erkenntnisser**?

All Joer mécht de STATEC seng Etude iwwer d'Ausgabe vun de Stéit. Bei Liewensmëttel a Gedrénks ass dobäi erauskomm, datt den Undeel vu biologesche Produiten 2022 em 8% zeréck gaangen ass, iwwerdeems et di Jore virdrun nach e Plus vu ronn 10% waren. Di Baisse zejoert kann eng Konsequenz sinn op d'Präisdeierecht. Déi Tendenz muss sech awer nach di nächst Jore confirméieren.

**2. Wat fir ee Feedback kritt den Här Landwirtschaftsminister aus der Branche vun de Biobaueren, déi vun hirem Haff aus Fleesch, Mëllech, Geméis an aner Wuere verkafen?**

Grondsätzlech ass d'Haffvermaartung direkt un de Konsument bei bal allen Baueren (konv. an Bio) zeréck gaangen. Et ass awer generell net ënnert den Niveau vu virun der Inflatioun

**3. Wat fir eng Wueren am Bioberäich goufen am stäerkste vun der Präishausse getraff? Wéi presentéiert sech d'Entwécklung vum Präis vun der Biomëllech, dem Biofleesch an de Bioeeër an de leschte Méint?**

Generell bei all de Bioliewensmëttel, oft awer net onbedéngt an deem Mooss wéi d'Hausse bei de konv. Liewensmëttel. Beim Biofleesch zu Lëtzebuerg hunn d'Produzenten hire Verkafspräis net erhéicht un den Handel.

**4. Hunn eventuell misse Mataarbechter aus Biobetriber entlooss ginn?"**

Nee, laut eise verfügbaren Informatiounen huet de Bioprimärsecteur keng Mataarbechter entlooss.

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung
(s.) Claude Haagen